N°7445
Entrée le 05.01.2023
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 05.01.2023

PIRATEN
SENSIBILITĖ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/01/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

Vill Mënschen hunn hautzedaags Konten online op net-lëtzebuergesche Banken, wat duerch d'Prinzippie vun der Verkéiersfräiheet vu Kapital a Commerce een onëmstriddent Recht ass, och fir Lëtzebuerger Residenten.

Mir gouf vu vertrauleche Quellen zougedroen, dass de Fonds National de Solidarité (FNS) keng Kontosnummeren akzeptéiert, déi net lëtzebuergesch sinn an och mol dann net, wann dës europäesch sinn. Mir leit ee Bréif vir, an deem kloer ervirgeet, dass den FNS eng lëtzebuergesch Kontosnummer fir den Traitement vum Dossier freet.

Vulnerabel Persounen, déi op Leeschtungen, wéi de REVIS oder de Revenu pour personnes gravement handicapées (RPGH), ugewise sinn, gi vum FNS opgefuerdert eng lëtzebuergesch Kontosnummer virzeleeën, ansonste géif hiren Dossier net weider traitéiert ginn.

Allerdéngs gëtt et kee Grond, d'Mënsche wéinst der Origine vun enger Kontosnummer an der Prozedur ze blockéieren, wann u sech all gesetzlech Bedingungen erfëllt sinn, fir d'Indemnitéiten ze kréien.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng gesetzlech Basis gesäit vir, dass ee fir d'Demande vum RPGH oder REVIS ausschliisslech eng lëtzebuergesch Kontosnummer muss hannerloossen?
   Falls dës legal Basis existéiert, huet d'Ministesch keng Zweiwel, dass dës Dispositioun am Konflikt zu den europäesche Reegelen vum fräie Bannemaart ass?

2. Wäert den FNS weider un där Reegel festhalen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten